# LIBESGESCHICHT-SCHWINDEL

Schwindler fannen hir Opfer op online Dating-Websäiten, mee kënnen och sozial Medien oder E-Mail benotzen, fir a Kontakt ze kommen.



## WAT SINN D'ZEECHEN?



Een deen Dir viru kuerzem online getraff hutt, behaapt déif Gefiller fir Iech ze hunn an freet Iech, privat mat him ze chatten.






Hir Messagë sinn oft schlecht geschriwwen a vag.

Hiren online Profil passt net zudeem, wat si Iech zielen.




Si kënnen Iech bieden, intim Biller oder Videoe vun Iech ze schécken.



Fir d'éischt gewanne si ärt Vertrauen. Dann hätte si gär Sue vun Iech oder d'Donnéeë vun ärem Bankkont oder ärer Kreditkaart.

Wann Dir keng Sue schéckt, probéiere se eventuell Iech ze erpressen. Wann Dir Sue schéckt, dann hätte se gäre méi.

## SIDD DIR EN OPFER?

Schummt Iech net dowéinst!
Ënnerbriecht direkt de Kontakt.
Späichert wa méiglech all Kommunikatiounen, wéi d'Chat-Messagen.
Maacht eng Plainte bei der Police.
Mellt et um Site, wou de Schwindler fir d'Éischt un Iech erugetrueden ass.
Wann Dir är Kontosdetailer erausginn hutt, da kontaktéiert är Bank.

## WAT KËNNT DIR MAACHEN?

- **Sidd ganz virsiichteg** wat perséinlech Informatiounen ubelaangt, déi Dir iwwert sozial Netzwierker an Datingsäiten deelt.
- **Betruecht ëmmer d'Risken.** D'Schwindler sinn op de bescht renomméierte Säiten ënnerwee.
- **Gitt lues vir** an stellt Froen.
- **Recherchéiert** der Persoun hir Foto an hire Profil, fir ze kucken op d'Material schonns soss anzwuersch gebraucht ginn ass.
- **Passt op** op Schreif- a Grammatiksfeeler, Inkonsistenzen an hire Geschichten an Ausrieden, wéi z.B. eng Kamera déi net fonctionnéiert.
- **Deelt kee** kompromettéierent Material, dat benotzt kéint ginn, fir Iech ze erpressen.
- Wann Dir ee perséinlech treffe wëllt, dann **sot ärer Famill an äre Frënn**, wouhin Dir gitt.
- **Passt op Froen no Suen op.** Schéckt ni Suen, gitt ni d'Donnéeë vun ärer Kreditkaart oder ärem online Kont oder Kopieë vu perséinlechen Dokumenter eraus.
- **Vermeit hinnen am viraus Suen ze schécken.**
- **Iwwerweist ni Suen** fir eng aner Persoun: Geldwäsch ass eng Strofdot.

#CyberScams

EUROPOL EC3 European Cybercrime Centre | EBF European Banking Federation | THE GOVERNMENT OF THE GRAND DUCHY OF LUXEMBOURG Ministry of the Economy | ABBL | SECURITY MADEIN.LU | BEE SECURE